



Ech gesinn, Här Gibéryen, Dir sidd ganz déif an där Matière do dran.

(Hilarité)

De Gesetzesprojet 7306 behandelt e ganz spezifischen Aspekt vun dëser Problematik. Esou wéi d'Direktiv 2017/2399, déi hei ëmgëst gëtt, et och virgesäit, schaaft de Gesetzesprojet 7306 en neit Instrument, an zwar déi sougenannten Instruments de dette subordonnée. Dëst sinn nei Instrumenter, déi d'Banken wäerte kennen emettéieren, fir sech den TLAC- an den MREL-Exigenzen unzepassen, ze conforméieren.

Dovunner ofgesinn, ginn nach verschidde punktuell Ännerungen ëmgëst, wéi zum Beispill déi vum Rectificatif vum 25. Januar 2017 zur Direktiv 2013/36/UE zur Surveillance prudentielle vun de Banken an den Entreprises d'investissement. Fir den Detail vun dësem séier technesche Projet verweisen ech wierklech gären op mäi schrëftleche Rapport.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - De Statsrot huet awer a sengem Avis vum 26. Juni just verlaangt, dass een Artikel gestrach gëtt, well en net konform mam aktuelle reglementaresche Kader vun der Europäescher Unioun war. Fir de Rescht huet de Statsrot awer gréng Luucht fir dëse Projet ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Här President, ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren a ginn och am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei den Accord fir dëse Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Interruptions et hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Soll ech déi Fro, déi ech schonn eng Kéier gestallt hat, nach eng Kéier stellen?

(Brouhaha général)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ass et esou, dass déi Häre Mosar, Fayot a Kox an déi Häre Gibéryen a Wagner hiren Accord och wëlte ginn?

(Assentiment)

Da ginn ech och dovun aus, dass de Finanzminister sech doriwwer freet.

(Brouhaha et hilarité générale)

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech freeë mech an ech soen dem De-

putéierte Bauler Merci fir säi Rapport, dësen an dee vu virdrun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och am Numm vun all deenen anere Kollegen. Dat ass dann esou registréiert.

A mir géifen dann iwwert den Ensembl vum Projet de loi 7306 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7306 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Brouhaha)

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

51-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7306 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, MM. Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Gilles Roth), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Georges Engel), Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par

Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot) et Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz);

MM. André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.


Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Merci.

Da si mer um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm a Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 20.03 heures)



SÉANCE 50

MERCREDI,
11 JUILLET 2018

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 7301 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2^e Chance

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles
- Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Georges Engel, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner
- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. 6895 - Projet de loi portant modification de 1) la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne; 2) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

- Rapport de la Commission du Développement durable: M. Henri Kox
- Discussion générale: M. Marco Schank, M. Yves Cruchten, M. Gusty Graas, M. David Wagner
- Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7282 - Projet de loi relatif au réaménagement de l'échangeur de Dudelange-Burange situé sur l'autoroute A13

- Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
- Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Georges Engel, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner, Mme Claudia Dall'Agnol
- Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 7285 - Projet de loi relatif à la réalisation du pôle d'échange Howald et du réaménagement de la rue des Scillas

- Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
- Discussion générale: M. Marc Lies, M. Yves Cruchten, M. Claude Lamberty, M. Gast Gibéryen
- Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (interventions de M. Gast Gibéryen et M. Marc Lies)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7152 - Projet de loi portant

1^o transposition de la directive 2014/41/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 concernant la décision d'enquête européenne en matière pénale;

2^o modification du Code de procédure pénale;

3^o modification de la loi modifiée du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale

- Rapport de la Commission juridique: Mme Sam Tanson
- Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Alex Bodry, Mme Simone Beissel, M. Marc Baum
- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7280 - Projet de loi relatif à la construction d'une maison de soins à Differdange et portant modification de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés 1) Centres, Foyers et Services pour personnes âgées; 2) Centres de gériatrie

- Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration: M. Max Hahn
- Discussion générale: M. Marc Spautz (dépôt d'une motion), Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Roberto Traversini, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum
- Prise de position du Gouvernement: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration (interventions de M. Marc Spautz, Mme Octavie Modert et M. Fernand Kartheiser)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1: Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
- Vote sur la motion 1 (rejetée)

8. 7242 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République populaire de Chine, fait à Pékin, le 27 novembre 2017

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel
- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Félix Braz, M. Romain Schneider, M. François Bausch, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Kolleeginnen, Kollegen, wann Der Plaz wëilt huelen, da kann ech d'Sëtzung opmaachen. Ee schéine gudd Mëtteg! An ech froen d'Regierung direkt, ob se eng Matdeelung ze maachen huet.

Keng Reaktioun. Also keng Matdeelung.

► **Une voix.** - D'Regierung lauschtert net no.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir waart ofgelenkt, hunn ech gesinn.

Kolleeginnen a Kollegen, ech wollt vun der Geleeënheet profitéieren, fir e léiwe Gaascht op der Tribün ze begrëssen.

Lieber Stephan Toscani, Landtagspräsident des Saarlandes, begleitet vom deutschen Botschafter Heinrich Kreft, herzlich willkommen im Luxemburger Parlament! Vielen Dank für die ausgezeichnete Zusammenarbeit und den sehr konstruktiven und fruchtbaren Austausch von

heute Morgen, Beginn einer exzellenten Zusammenarbeit. Und ich glaube, wir werden das tun, was wir uns versprochen haben, wir werden gemeinsame Projekte entwickeln und uns regelmäßig treffen.

Vielen, vielen Dank!

(Applaudissements)

An da géif ech zu eiser Dagesuerdnung vun de Mëtten iwwergoen, dem Projet de loi 7301, engem Projet, deem déi bishereg École de la 2^e Chance betrëfft. An de Rapporteur, den Här Lex Delles, ass prett.

2. 7301 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2^e Chance

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles (DP), rapporteur.** - Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbechtswelt huet zanter 2009 bis 2018 op ganz ville Punkte changéiert. Dobäi ass awer ee wesentleche Punkt nach ëmmer d'nämlecht bliwwen, an ech mengen, dee



wäert och nach eng ganz Zäit d'nämlecht bleiwen, dat ass deen, dass et ëmmer méi schwéier gëtt, ouni Diplom iwwerhaapt adequat an d'Aarbechtswelt eranzekommen.

Dëst ass e kleng Projekt de loi, mä awer e ganz wichtegen. Dat initialt Gesetz vun der École de la 2^e Chance war deemools wichteg an innovativ, 2009. Mä awer 2018 ass et net manner wichteg, tout au contraire.

Bis elo, säit der Grënnung vun der Schoul, also am Joer 2009, hunn 1.200 Apprentien, Apprenanten, pardon, déi Schoul hei zu Enn bruecht. Dës Schoul huet net nëmmen als But „de donner une seconde chance“ fir Erwuessener, mä och Formationen am Kader vun der Éducation des adultes wéi och an de Formation-continuen.

2014 ass dëst Gesetz schonn eng Kéier ugepasst ginn, mä haut geet et ëm zwou méi kleng Ännerungen an dësem Projekt de loi. Déi éischt ass den Numm. D'École de la 2^e Chance wäert mat dësem Gesetz en aneren Numm kréien a wäert dann École nationale pour adultes heeschen. Deen zweete Punkt ass: Den Text gëtt ugepasst un de Gesetzestext iwwert d'Lyceesreform, deen 2017 hei gestëmmt ginn ass, dat heescht also, den Enseignement secondaire classique an den Enseignement secondaire général.

Et geet also hei drëm, eng Panoplie vu pädagogeschen Aktivitéiten ënner engem Daach bei enger selwechter Philosophie oder Approche fonctionnieren ze loossen. Dir Dammen an Dir Hären, fir de Rapport iwwert d'Avise géif ech lech op mäi schrëftleche Rapport verweisen. An ech si schonn um Enn vum Rapport vun dësem Projekt de loi ukomm a ginn och direkt den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo d'Madamm Francoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken dem Rapporteur e grouse Merci fir säi relativ rapiden, awer ganz gudden mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

De Projekt de loi 7301, dee mer jo haut solle stëmmen, ass e Gesetz, mat deem eigentlech just en Numm vun enger Schoul geännert gëtt. Aus der École de la 2^e Chance soll eng École nationale pour adultes ginn. Do stelle sech awer fir eis als CSV eng ganz Partie Froen, well déi nei Denominatioun kengfalls dat zréckspigelt, wat där Schoul hiren urspringlechen an och nach aktuellen Objet ass.

Ech erkläre mech. D'École de la 2^e Chance soll elo École nationale pour adultes heeschen. Da froe mir eis: Wéi sou „nationale“? Et ass jo net déi eenzeg Plaz, wou Coursé fir Erwuessener ugebuede ginn. Do gëtt et dach och nach eng Hällewall vun aneren Instituter, déi och Coursen a Formationen fir Erwuessener ubidden, wéi zum Beispill d'House of Training, den Institut supérieur de l'économie, de Lifelong Learning Center, fir nëmmen dës ze nennen. Et gëtt also eng ganz vast Offer. An eis Fro ass einfach un den Här Minister: Wou positionéiert sech dann do eng École nationale?

„Nationale“ ass an eisen Aen also e falschen Term, well mer domadder suggeréieren, dass dës Schoul quasi den nationalen Hauptbildungszentrum ass.

Zweetens: Pour adultes, dat ass carrement falsch, well et kënne jo och Mannerjäregere dohinner goen. An duerfir si mir der Meinung, dass esou en Term näischt am Numm vun enger Schoul ze sichen huet. Am Gesetz steet et jo och ganz kloer dran: „une école à l'attention des adultes et des mineurs d'âge qui ne sont plus soumis à l'obligation scolaire“. En plus dierfe se net méi al wéi 30 Joer sinn. Also wéi sou soll se École nationale pour adultes heeschen, wa se och scho fir Mineuren ass a wann d'Adulté maximal dierfen 30 Joer hunn?

Den initialen Objektiv, déi urspringlech Iddi vum 2009er Gesetz war jo, fir Jonker, déi d'Schoul ofgebrach haten, nees ze motivéieren, fir en neie Versuch mat der Schoul ze starten. No schlechten Erfahrungen an och vläicht der falscher Astellung vun Schüler par rapport zur Schoul kéint et jo e bësse méi spët, an engem neien Ëmfeld, fir de Schüler besser klappen. Dat war d'Zilgrupp vun der École de la 2^e Chance.

Wéi soll wann ech gelift séchergestallt ginn, dass déi wannlech fragiliséiert Schoulbriecher dann an Zukunft och als Éischt zerwéiert ginn? De Risiko besteet nämlech, dass, wann den Numm elo geännert gëtt, dat urspringlech Zil aus den Ae verluen geet, einfach doduerch bedéngt, dass d'Denominatioun carrement irfëierend ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi de Rapporteur et och gesot huet, sollen dann nieft dem Changement vum Numm nach e puer aner Adaptatiounen gemaach ginn, fir d'Schoul eben un déi nei Gegebenheeten unzepassen, an anere Wieder, déi ganz Terminologien, déi sech duerch d'Gesetz vum 29. August 2017 erginn, der Reform vum Secondaire.

Mir sollen also elo hei e Gesetz stëmmen, dat enger Schoul en neien Numm gëtt, mä deen Numm, deen ass net gutt. D'Erklärungen hutt Dir elo grad kritt.

Mir haten an der Kommissioun aner Propose fir den Numm vun dëser Schoul gemaach, esou wéi et och am Ausland zum Beispill där Nimm gëtt. Et kéint ee sech do Nimm wéi École de la nouvelle chance virstellen oder awer och nach École de l'avenir. Och dëst hätt eng positiv Connotatioun, an déi zwee Nimm géifen zumindest keng falsch Versprieche maachen.

Dernieft géife mir als CSV et begrëissen, wann de Bau vum neie Gebai vun der École de la 2^e Chance aktiv géif virugedriwwen ginn. Dëst wier definitiv méi sënnavoll wéi eng Nummännerung, well anscheinend leeft de Bail fir déi Schoul do um aktuelle Site dat nächst Joer aus. An esou, wéi ech aus der Antwort op eng parlamentaresch Fro, déi ech gestallt hat, kann erausliesen, sollen d'Aarbechte fir déi nei Schoul awer eréischt fréistens - fréistens! - 2019 ulafen.

Dëst gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäerte mir als CSV eis op alle Fall bei dësem Projekt de loi enthalen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen et ganz kuerz. D'École de la 2^e Chance gëtt elo d'École nationale pour adultes, well eis deen Numm u sech méi richtig erschénkt a well e virun allem der Demande Rechnung dréit, déi d'Leit an der Schoul selwer haten. D'Leit aus der Schoul goufe gefrot, wéi si sech kéinte virstellen, wéi déi Schoul soll heeschen, a si hu proposéiert - wann ech dat richtig an Erënnung hunn, huet de Minister eis dat an der Kommissioun och gesot -, dass et soll d'École nationale pour adultes sinn, an duerfir ass et och deen Numm, deen hei soll proposéiert ginn.

Iwwert de Sënn an den Zweck vun der Schoul, mengen ech, do si mer eis awer alleguerten eens, dass et eng sënnavoll Moossnam ass an dass och eng ganz Partie Leit - 1.200, huet de Rapporteur gesot, säit 2009 - do konnten eng zweet Chance kréien, eng nei Ausbildung, eng Formation, eng Éducation pour adultes. Ech mengen, dass dat e gudden Wee ass, deen ee soll weiderreiwen an duerfir déi Schoul och weider soll ënnerstëtzen.

Iwwert de Sënn même vun der Schoul si mer eis, wéi gesot, heibannen eens. An et ass jo och dorëms, wou et geet.

Hei gëtt elo eng kleng Upassung gemaach un d'Gesetz vum August 2017, a mat där si mir als LSAP voll d'accord. An duerfir ginn ech hei den Accord vun der Sozialistescher Partei.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, och déi gréng Fraktioun begréisst d'Emännerung vum Numm. Mir fannen et gutt, datt d'École de la 2^e Chance an École nationale pour adultes ëmberannt gëtt. Éischstens ass deen Term méi valorisant a stigmatiséiert d'Schüler vun dëser Schoul net méi par rapport zu deene vun anere Schoulen. Zweetens dréit dës Modifikatioun souwuel de Missioun vun der Schoul an awer och hirer bemierkswäert Entwécklung Rechnung. An dréttens entsprécht dësen Numm dem Wunsch vun der Responsabele vun der Schoul.

Ech wéilt ervirhiewen, datt dës Schoul wirklech eng bemierkswäert Entwécklung hannernt sech huet. Se huet 2011-2012 mat 35 Jonken ugefaangen an ass haut op 440 Schüler, déi dëst Joer do ageschriwwen sinn, wat wirklech bemierkswäert ass. An déi Leit sinn och kuerz virum Erwuessenenalter. Et sinn also keng Kanner, déi do an d'Schoul ginn, an duerfir gesi mir och kee Problem dodran, datt „Adultes“ dosteet, vu datt déi Jonk, déi dohinkommen, 16 oder besser gesot 17 Joer hunn an datt an deem Fall och en explizitten Accord vun der Schoul kënn.

Ech wéilt och drop hiweisen, datt déi Schoul eng ganz Rei Fächer agefouert huet, nei Fächer, déi et am Ufank net gi sinn, beispillsweis d'Berufsausbildung fir Kach, Landschaftsgärtner,

Elektriker an Auxiliaire de vie, an datt ëmmer erëm déi Klassen esou séier besat ginn, wéi se geschafe ginn. Alles dat ass positiv.

An nach ee Beispill, wat mer wirklech wichteg ass ervirzeäichen, fir d'Qualitéit vun der Schoul ze beweisen. Et war ee Schüler an d'Schoul orientéiert ginn. E koom aus der Grondschoul. Do ass en an de Modulaire kumm. A véier Joer drop huet hie seng Première gepackt mat der Motioun „bien“. Do gesäit een, wat do gelescht gëtt, a mir fannen dat natierlech begrëssenswäert. Et werft awer och d'Fro op, wat an eise Grondschoule falschleeft, wa Kanner mat esou engem héije Bildungspotenzial am Modulaire landen. Ech denken, doriwwer misst nopeduecht ginn.

Op där anerer Säit muss ee sech och froen, wéi eng Perspektiven déi vill Schoulbriecher hunn, déi net dee richtige Profill hunn, fir en zweete Bildungswee an enger Schoul wéi dëser anzuschloen an ofzeschlëssen. Dës jonk Leit verpasse jo den Uschloss un de Schoulsystem, meeschtens am Alter vu 16, 17 Joer, a riskéieren, hiert Liewe laang op der Strooss ze setzen.

An domat kommen ech da grad bei dee Punkt, deen och d'Madamm Hetto ervirgestrach huet. Et ass deen, deen och vun der Chambre de Commerce erwäant ginn ass. Natierlech kann ee soen, d'Remark wier berechtigt, datt d'Aktivitéit vun der zukünftiger École nationale pour adultes sech ëmmer méi disperséieren a riskéieren, op d'Käschte vum initiale Public cible ze goen. Deem entgéint wéilt ech awer betounen, datt d'École de la 2^e Chance zanter dem Schouljoer 2012-2013 mindestens sechs Klassen am drëtten Joer vum Cycle inférieur ubitt. Dat heescht, zu engem Deel bitt se schonn deene fragilste Schüler d'Chance, am Bildungssystem virunzekommen, an dat wäert sech och mat dësem Projekt de loi net änneren.

Ob et allerdéngs sënnavoll ass, datt d'Klassen op dësem Niveau nach ausgebaut ginn, woe mir ze bezweifelen, well et zu Lëtzebuerg schonn entspreichend Strukture gëtt. An et mécht an eisen Ae kee Sënn, duebel Strukturen ze schafen, déi sech géigesäiteg konkurréieren. Ech schwätze vum CNFPC, dem Centre national de formation professionnelle continue, a vun de Cours d'orientation et d'initiation professionnelles. Dës Strukturen hunn déi wichteg Missioun, d'Schoulbriecher do opzefänken, wou se sinn a se duerch gezielt Formationen op den Aarbechtsmaart ze orientéieren.

An hei wéilt ech eben elo d'Fro opwerfen, ob dës Strukturen hirer Missioun wirklech ëmmer gerecht ginn an ob et net derwäert wär, eng Analys doriwwer duerchzuführen. Zum Beispill, ob dës Strukturen déi néideg Ressourcen hunn, ob se territorial gutt verdeelt sinn an ob se iwwerall bekannt sinn. Op jidde Fall begrësse mir, datt Dir d'Direktioun vun de Schoulen drop higewisen hutt, eng Nott dohi geschéckt hutt, fir déi Leit drop hinzeweisen, datt hei en alternative Bildungswee fir Schoulbriecher ugebuede gëtt.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. Ech fänken och u mat engem ganz déif empfonnte Merci un den Här Delles fir eng ganz flott Presentatioun. Ech mengen, an der Tëschenzäit ass dës kleng Projekt wirklech in extenso diskutéiert ginn. Ech wéilt also just an zwee Sätz soen, datt mir déi Bedenken, déi d'Madamm Hetto hei am Numm vun der CSV virgedroen huet, am grouse Ganzen deelen, datt mer awer trotzdem der Meinung sinn, datt mer hei e wichtige symbolesche Geste maachen, a méi wéi e symbolesche Geste, am Interessi vun deene Leit, déi vun där Schoul do profitéieren. Dofir stëmmt d'ADR dëse Projekt mat.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Leschte Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Bon, d'École de la 2^e Chance bewäert sech als immens effikass. D'Reussite bei den Ofschlëss läit ëmmerhi bei 90%. Natierlech muss ee soen, datt déi, déi sech do aschreien, op eng gewëssen Aart a Weis e bësse méi motivéiert si wéi „normal“ - entre guillemets - Schüler, déi iergendwéi gezwonge sinn, an d'Schoul ze goen an net ëmmer onbedéngt esou motivéiert sinn. Wéi mir dat wahrscheinlech all eng Kéier emol waren.

Déi lescht Joren awer gouf d'Offer an d'Qualitéit vun den Ausbildunge staark erweidert, soudatt den Usproch vum ganz alleréischten Ufank, dat heescht, eng Schoul nëmme fir De-

crocheuren ab Neuvième opzefänken, eendeiteg méi eng grouss Bandbreit krut. Esou hu sech also d'Aktivitéiten iwwert d'schoulesch Ausbildung fir Schoulbriecher a Jonker, déi net méi schoulflüchtig sinn, ewechbeweegt, fir och Formationen fir Erwuessener unzebidden an allgemeng fir Leit, déi hir schoulesch Ausbildung weiderféieren oder nohuele wëllen, onofhängeg vun hirem Alter.

Dofir gëtt an dësem Projekt de loi och proposéiert, d'École de la 2^e Chance ëmzedeeften.

Dës Heterogenitéit vun de Schüler an engem gemeinsame System verstärkt net nëmmen den Apprentissage, mä och d'Selbstvertrauen an d'Méiglechkeet, sech der Fatalitéit vun engem ofgebrachten oder verfeeltene Schoulparcours ze widdersetzen a mat engem gréisseren Bewosstsinn séng schoulesch Destinée erëm an d'Hand ze huelen.

Här President, d'École de la 2^e Chance ass e Miniaturföck vum eigentleche Schoulsystem, wat d'Offer betrëfft. Mä si ass interessanterweis bäi Wäitem méi effikass wéi de generelle System, well hei wirklech bei all Schüler gekuckt gëtt, wou d'Stärkte leien a wéi een iwwer eng adequat Begleitung de Schüler eng Zukunft an der Aarbechtswelt kann ubidden.

Ëmmer méi Schüler packen et hei vun enger Neuvième erop an eng Première a kréien erëm Accès zu universitäre Studien. De Wee op d'Uni kann och iwwert den Diplôme d'accès des études secondaires opgemaach ginn, deen deemnächst och an Owescoursen an Zesummenaarbecht mam Kolléisch ugebuede gëtt. Aner Neuvièmesklasse verfolge den Apprentissage adultes, wou sech ëmmer méi Formationen am Kader vun der Formation professionnelle ubidden. D'nächst Joer gëtt souguer déi ganz Ausbildung vum Elektriker ugebueden, an déi éischt Jore vun Gärtner, Kach an Auxiliaire de vie sinn och iwwert de Wee vun dëser Schoul erreechbar. D'Dixième an d'Onzième générale fir d'Professions de la santé an de Parcours vum Enseignement général vu Cinqüième bis Première ginn ebenfalls an der École de la 2^e Chance ugebueden.

Op all deenen Niveaue steet d'Zil vun der Selbstständegkeet an dem kritesche Léieren am Vierdergrond. Op allen Niveaue schreien a presentéieren d'Schüler Travail-personnellen. Op eng gewëssen Aart a Weis muss ee soen, dat erënnert scho quasi un eng Aart „Proto“-Tronc commun, wou mer jo all wëssen, wou mer och ëmmer der Meinung waren, datt sech esou eppes kéint generaliséieren, dat heescht, datt ee vill méi Offere kann innerhalb vun engem eenheetlechen, sech lues a lues distinguierende secondairen Enseignement ubidden.

Bon, an dëser Schoul gëtt gekuckt, datt d'Programmer an d'Qualitéit vum Enseignement permanent verbessert ginn. An dobäi ass och d'Zesummenaarbecht mat ënnerschiddlechen Instituter an Héichschoule wäertvoll. Dës Zesummenaarbecht geet iwwert d'Lëtzeburger Grenzen ewech a bitt sech mat bekannten Instituter, wéi dem Conservatoire national des arts et métiers zu Paräis oder der Kantonale Maturitätsschule für Erwachsene zu Zürich, den Unien zu Lëtzebuerg, Zürich a Paräis 8 un.

D'École de la 2^e Chance baut op wichteg Messuren, déi d'gesellschaftlech Inklusioun vu jidderengem fërderen iwwert de Wee vun engem Apprentissage, deen nei Bildungsméiglechkeete bitt amplaz auszuschlëssen. An esou zum Beispill och d'Offer fir jonk Erwuessener, Primo-arrivanten, déi an dësem Kader d'Sprooch léieren a fit gemaach ginn, fir hiren individuelle Wee kënnen anzuschloen, ob Berufsausbildung oder weider a Schoul an Uni. An ech mengen, dat huet och vill Succès, well mer jo wëssen, entgéint deem, wat oft ka behaupt ginn, datt och d'Primo-arrivanté wirklech immens vill Efforte maachen hei zu Lëtzebuerg, wa se d'Méiglechkeet kréien, fir kënnen heizbleiwen.

Mä da gëtt et natierlech nach d'Ateliere vu Learn for Success, wou ee kann higoen, fir punktuell an no individuellen Ziler ënnerstëtzt ze ginn. An dat heescht zum Beispill och, sech fir de Statexame virzubereeden. An ech wollt nach soen, datt et, genau wéi meng Virriednerin sot, un der Zäit wier an eendeiteg néideg, fir eben en neie Site ze kréien, well actuellement ass d'Situatioun net gutt. Mä wéi gesot, et ass jo geplangt, dat fréistens 2019 soll eppes geschéien. Mä mir kréie wahrscheinlech dann nach e puer Erklärungen vum Här Minister.

Ech soen lech Merci, a mir wäerten dee Projekt natierlech och ënnerstëtzen.



► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An den Educationnsminister, den Här Claude Meisch, huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Merci och un de Lex Delles als Rapporteur. Merci un all d'Intervenanten.

Mir hate virun dräi Joer e Gesetz hei iwwert d'École de la 2^e Chance gestëmmt. An eng Rei vun Deputéierten hunn eigentlech och ugeeregt gehat deemools, datt een iwwert den Numm eng Kiéier sollt nodenken. Ech hunn och deemools a menger Stellungnam dat mat opgehooll a gesot: „Jo, well wann ech herno a mengem CV stoen hunn, ech hunn en Deel vu mengem Parcours scolaire an der École de la 2^e Chance gemaach, dann heescht dat jo, datt ech bei der éischter Chance schonn net reuséiert hunn. An ech denken, datt jiddwereen d'Recht op eng zweet a vläicht souguer op méi Chancé soll hunn, mä datt dat awer näischt ass, wat een iwwer e Liewe laang herno nach soll begleeden an zum Deel stigmatiséieren.“

Elo kënnen mer alleguer soen, dat wär net esou, mä mer wëssen awer, datt et wahrscheinlech Leit am Land gëtt, déi awer dat esou géifen interpretéieren, wa se dann e CV esou, mat där doter Bezeechnung, um Dësch leien hunn.

An duerfir hu mer mat der Schoul och Récksprouch gehalen. An et ass deen doten Numm „Ecole nationale pour adultes“, deen zrëckbehalen ginn ass. Woubäi un där schoulescher Offer, déi den David Wagner hei elo ganz explizitt och nach eng Kiéier opgezielt huet, an hirer ganzer Bandbreet näischt wäert änneren an et sécherlech och keng Schoul wäert ginn, déi sech elo ganz exklusiv un Erwuessener wäert richten. Woubäi mer wëssen, datt, wann d'Iddi vun der 2^e Chance jo awer spillt, een dann e gewëssenen Alter huet, ier een dann iwwerhaapt an déi dote Schoul kënnt an de Gros vun de Schüler och haut schonn Erwuessener sinn.

A mat där Bandbreet vun Offeren, och Leit, déi no enger Beruffserfahrung sech emol erëm eng Kiéier wëlle weider forméieren, an dat wierklech vun der Formation professionnelle bis hin zu enger Première respektiv engem Diplom, deen zu Héichschulstudien dann och herno autoriséiert, do gesäit een, datt dat eigentlech haut schonn d'Käizilgrupp vun der École de la 2^e Chance ass.

Ech wëll och un eng Kritik erënneren, déi och deemools an der Debatt hei awer formuléiert gouf, an ech mengen, et war och deemools vun der CSV, well gesot ginn ass: „Mir mussen oppassen, datt d'École de la 2^e Chance net eiseem Lycée Konkurrenz mécht. A wa se elo eng Première ubitt, datt et dann eben net esou ass, datt de Schüler, deen an engem Lycée op der Deuxième ass, op der Troisième ass, iergendwann eng Kiéier seet: „Elo halen ech emol hei op, aus iergendengem Grond, well ech mam Professer net eens ginn oder well ech mam Direkter net kloer kommen oder well et mer einfach an der Schoul emol hei net méi gefält, well ech ka jo niewendrun an déi aner Schoul goen, déi École de la 2^e Chance heescht, an einfach do ufänken.“

Duerfir hu mer jo schonn eng ganz Rei vun Zougangskritären esou gemaach, datt ech eigentlech aus dem Alter, wou ech normalerweis an e Lycée erakommen, och erausgewuess sinn, fir iwwerhaapt kënnen an d'École de la 2^e Chance eranzekommen. Wann also déi Kritik do richtig ass respektiv net ganz falsch war, dann, denken ech, kann een awer och hei absolut domadder d'accord sinn, datt mer d'École de la 2^e Chance elo ëmbenennen an „École nationale pour adultes“.

„Nationale“, well et déi vum Stat ass. Hei si Formatiounszentren a Schoule genannt ginn, déi vun aneren Akteuren, privatrechtlechen Akteure gedroe ginn. Dat ass ganz kloer. Do ka jiddweree sech natierlech weider engagéieren am Beräich vun der Erwuessenebildung, am Beräich vun der Weiterbildung. Do brauche mer ganz vill Akteuren.

Am Ministère hu mer och nach e Service de la formation des adultes, dee jo an der Regel net selwer Prestataire ass, deen net selwer Formatiounen ubitt, mä deen iwwer Gemengen, iwwer Asblen, also iwwer extern Prestataire kuckt, datt ganz vill Erwuessenebildung quesch uechtert d'Land an deenen ënnerschiddlechsten Domänen, vun de Sprooche bis an aner Beräicher eran, dann och assuréiert gëtt. Mä hei ass et déi Schoul, wou de Stat de

Prestataire selwer ass, an duerfir École „nationale“ pour adultes.

D'Madamm Lorsché huet zu Recht ugeschnidden: Wéi grenze mer eis of par rapport zu anere Schoulen, wéi dem Centre national de formation professionnelle continue, zum Beispill? Nun, ech si frou, datt mer erëm e gewësene Recentrage konnten hierstellen am Laf vun deene leschten zwee, dräi Joer, wat d'Aktivitéit vun de CNFPCen ubelaangt, an erëm a Richtung goen, fir déi se eigentlech geduecht sinn an och den Numm et ausdréckt, well ass Plazmangel eigentlech am Laf vun deene leschte fënnf bis zéng Joer oft gekuckt ginn ass: Wa mer am Lycée keng Plaz hunn, fir Initialformatioun ze maachen, fir eng Rei vu Schüler weider do an der Schoul kënnen ze halen, da maache mer Klassen an der Initialausbildung an de CNFPCen op.

An d'CNFPCe sinn eigentlech do an eng Richtung gedréckt ginn, vläicht aus der Nout eraus, wou se eigentlech net derfir geduecht waren. A mir hunn, well mer méi Capacitéiten erëm an de Lycéeën hunn, och elo erëm gekuckt, datt mer, wat Initialausbildung ass, dat esou wäit wéi méiglech an de Lycéeën maachen, fir och Plaz ze kréie wierklech, fir Formation continue fir Jonker oder fir Erwuessener kënnen an de CNFPCen ze assuréieren.

A mir wäerten och ronderëm d'Rentrée do, denken ech, e ganz neie flotte Projet an Zesummenaarbecht mat engem CNFPC kënnen presentéieren, ënner anerem och fir deene Jonken, déi theoretesch Zougang an d'Formation professionnelle hunn, op de CCP hunn, awer keng Léierplaz fonnt hunn, fir deenen d'Bréck an d'Léier do nach eng Kiéier kënnen ze bauen. Soudatt mer och do d'Aktivitéit vum CNFPC rezentriert hunn, awer absolut complementaire och hunn zu deem, wat herno d'École nationale pour adultes soll maachen.

Et ass absolutt berechtigt, datt sech hei d'Fro gestallt gëtt, wou dann d'École nationale pour adultes herno wäert sinn, well, an dat ass awer elo net déi éischte Kiéier, datt och deen Delai ofleeft, dee Contrat de bail ofleeft vun deem Site, wou se haut ass - do besteet och nach d'Méiglechkeet, datt dat eng Kiéier prolongéiert gëtt; déi Diskussiounen sinn amgaange gefouert ze ginn -, mä d'Regierung sicht an huet och en neie Site fonnt fir d'École nationale pour adultes.

A well dee Site och net nëmme Plaz gëtt fir eng Schoul, hu mer och decidéiert, an ech schwätzen hei ënnert dem Contrôle vum Infrastrukturminister Fränz Bausch, fir och gläich zwou nei Schoulen dohinner ze implantéieren: nieft der École nationale pour adultes och de Sportslycée, nämlech op Mamer, bei déi besteeënd Strukturen vun der Europaschoul, bei déi besteeënd Struktur vum Lycée Josy Barthel zu Mamer.

An duerfir ass dat e Site, dee gutt ugebonnen ass un den ëffentlechen Transport. Duerfir ass dat e Site, dee weider kann developpéiert ginn. Duerfir ass dat e Site, wou Synergien tëschent all deenen dote Schoule kënnen realiséiert ginn, notament och Synergien tëschent dem Sportslycée an deenen anere Lycéeën, wat d'Sportinfrastruktur ubelaangt, wat awer gläichzäiteg och nach eng Kiéier d'Proffen ubelaangt, wat awer och do nach eng Kiéier d'Méiglechkeet ubelaangt, fir all Ordre d'enseignement, déi herno do wäerte vertrauede sinn, och souguer Erwuessener, déi dann do wäerten an d'Schoul goen, d'Méiglechkeet ze bidden, am Sportslycée hire Parcours kënnen ze maachen.

Duerfir sinn ech frou, datt sech déi Méiglechkeet do erginn huet. An ech denken, datt dat elo déi Äntwert ass, déi d'Strooss wäert halen a wou elo gezielt drop geplangt gëtt, an datt mer och méiglechst schnell do ukommen, fir dat ze realiséieren.

Ech soen Iech Merci fir déi, déi dann hei wëlle mat d'Zoustëmmung ginn, fir datt mer dat dote kënnen realiséieren. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwer goen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7301 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

37-mol Jo, 23 Enthaltungen. Domat ass de Projet de loi 7301 ugehooll.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

D'accord mat der Dispens?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer ginn zum nächste Projet iwwer, dem Projet de loi 6895 iwwert d'Administratioun fir de Fluchverkéier. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Henri Kox.

3. 6895 - Projet de loi portant modification de 1) la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant création de l'Administration de la navigation aérienne; 2) la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Henri Kox** (déi gréng), *rapporteur*.- Merci, Här President. Effektiv geet et hei ëm d'Administration de la navigation aérienne. Et ass eng Iwwerschaffung vum Gesetz, éischstens, well d'europäesch Gesetzgebung de Kader geännert huet, nämlech nei Exigenzen erausgeschéit ginn, déi u sech musse vun de jeeeweilige Prestataire op de Fluchhäfen ausgefouert ginn, wëssend, dass d'ANA, wéi se an der Ofkierzung och heescht, säit 2004 och de Prestataire ass, fir de Service de navigation aérienne um Fluchhafen auszeüben. En ass certifiéiert. E gëtt awer och all Joer dann entsprechend kontrolléiert. An dat gëtt gemaach duerch d'Autorité de surveillance nationale, wat u sech duerch d'Direction de l'aviation civile gemaach gëtt.

2009 ass dat Reglement um europäesche Plang reviséiert ginn, soudass nei Exigenzen op den Operateur zukomm sinn, fir sech eben den neie sécherheetstechneschen Normen unzupassen. Och gouf hei am Gesetz d'Loi organique, also d'Organisation vum der ANA, nach eng Kiéier strukturéiert, wat d'Aufgabe sinn a wat dann um Terrain ëmzesetzen ass.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Den zweete Punkt war natierlech och den Exploitant vum Fluchhafen, wien da schlussendlech vum Fluchhafen kann d'Gestioun maache respektiv och dee ganzen Alldag dervun organiséieren. Do hu mer eis am Gesetz op d'europäescht Reglement och baséiert, dass e Prestataire dat och ka maachen; soudass dat als zweete Punkt eragefloss ass.

An als drëtten Punkt ass ebe gekuckt ginn, dass d'ANA och besser strukturéiert gëtt.

Ech wëll dann awer op ee Punkt agoen. Nämlech dat war dee Punkt, deen natierlech och an der Diskussioun ëmmer war, d'lescht Joer insbesondere, tëschent deem, deen den Exploitant vum Fluchhafen ass - an dat wësst Der: Dat ass lux-Airport -, an e bëssen d'Gestioun, e bëssen d'Sécherheet dervun, wat natierlech och zu villen Negociatiounen gefouert huet, wou schlussendlech awer, an dat muss een hei soen, e gutt Enn fonnt ginn ass.

An dofir: D'Resultat vun deem Gesetz ass jo och d'Resultat vun deenen Negociatiounen. An dofir kann ech nëmmen all den Intervenante Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi se do haten, och deels, dass et kontrovers do geet, se sech awer schlussendlech op en Text geeenegt hunn, fir dass jiddweree Sânt och ka maachen.

Dofir, déi Opdeelung, déi haaptsächlech am Vierdergrond stoung, war: De Gesamtoperateur ass lux-Airport, wéi Der wësst, um Fluchhafen. Awer doduerch, dass d'Reglement vun der Europäescher Kommissioun virgesäit, dass een engem Drëtten eppes kann als Service oftrieden, bleift weiderhin d'ANA responsabel fir déi sougenannt Fluchsécherheet, déi dat dann, wou se déi néideg Kompetenzen hunn, och

nach an der Zukunft wäerte maachen. An dat ass och dat, wat dëst Gesetz dann och festhale soll.

Ech mengen, dat sinn déi wichtegst Ännerungen oder Feststellungen vum deemem Gesetz. Natierlech sinn och Upassungen, wéi zum Beispill, dass natierlech d'ANA net responsabel ass vum Tarmac, also vun der Fluchbunn, well déi ass gedeckt duerch en anert Gesetz vun de Ponts et chaussées. Et sinn d'Ponts et chaussées, déi responsabel si fir den Entretien vum Fluchfeld; wéi an der Vergaangenheet oder viru Kuerzem jo och eng Rei Verbesserungsarbeiten duerchgefouert gi sinn. Och dat ass nach eng Kiéier festgeschriwwen ginn an deem Gesetz.

Ech mengen, da géif ech och direkt eriwuer goen op den Avis vum Statsrot. Do war net vill dran. Et war jo am Ufank geduecht, d'Administration e bëssen ëmzënnern, nämlech an Administration de l'aérodrome et de la navigation aérienne. Vu dass den Aerodrom erausgefall ass duerch eng Rei Ännerungen, déi och d'Regierung gemaach huet mat Amendementen, ass dee Punkt erausgefall, well soss hätt ee missen „Aérodrome“ e bësse méi am Detail explizéieren, wat dann drënner ze verstoen ass. Dat betrëfft jo dat ganz Fluchfeld mat den Accessoiren, déi u sech och do sinn.

Den zweete Punkt, dat war déi Personnalité juridique, déi d'ANA u sech net esou huet, an dass et net un hinnen ass, dann entsprechend Konventiounen mat Drëtten auszuféieren. An dofir ass am Gesetz ebe bäikomm, dass dat net d'ANA selwer mécht, mä de Minister u sech a senger Kompetenz ass, fir dat auszuféieren.

Ech mengen, dat ware schonn déi wichtegst Argumenter vun dem Statsrot, déi all agefloss sinn hei an dëst Gesetz, soudass ech Iech elo just nach brauch d'Date matzedeelen, wéini d'Gesetz deposéiert gouf. Dat war de 27. Oktober 2015. De Statsrot hat de 15. Juli 2016 säin éischten Avis gemaach.

Et gouf och nach en Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi sech och mat där Problematik ausenanergesat hunn. Da goufen eben Amendementen vun der Regierung eraginn, de 17. Mee 2018. An de 26. Juni 2018 koum dann den Avis (veuillez lire: Avis complémentaire) vum Statsrot. An den 29. Juni gouf ech als Rapporteur bestëmmt, wou mer och sämtlech Avisen nach eng Kiéier analyséiert hunn. An de 5. Juli gouf de Rapport zu deemem Gesetz ugehooll.

An haut géif ech Iech da bidden, deemem Gesetz dann och d'Zoustëmmung ze ginn. An ech bréngen och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als ageschriwwene Riedner hunn ech elo de Vertrieder vun der CSV. Deen huet awer leider e kleng Retard. Da géif ech direkt dem Här Yves Cruchten d'Wuert ginn, an da changéiere mer.

(Interruption)

Ah! Et ass gutt!

► **Plusieurs voix**.- Den Här Schank.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Okay. Entschëllegt. Ech hunn den Här Wilmes hei. Entschëllegt, Här Schank. Et ass kee Problem, mä tant mieux. Et ass un Iech.

Discussion générale

► **M. Marco Schank** (CSV).- Ech mengen, d'Resultat ass datselwecht.

(Hilarité)

Madamm Presidentin, ech wollt fir d'Éischt emol dem Kolleeg Henri Kox Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport vun haut de Mëtten. En huet, mengen ech, déi wesentlech Ännerunge virgedroen.

An ech wollt nach eemol drop hiweisen, datt d'EU-Legislatioun do zoustänneg ass, ënner anerem, fir den Domän vun der Exploitatioun vum Fluchhafen oder vun de Fluchhäfen insgesamt. An ech wollt ënnersträichen, datt de Projet, dee mer haut stëmmen, jo eben och als Objektiv huet, déi legal Basen ze definéieren fir d'Exploitatioun vum Fluchhafen, den Exploitant ze designéieren, awer och de Prestataire vu verschiddene Services, wéi zum Beispill d'Meteo-Service, an dann och de Prestataire vum Fluchverkéier op nationalem Niveau, an eben och do déi entsprechend Responsabilitéiten a Kompetenzberäicher ze fixéieren.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An ech wollt am Numm vu menger Fraktioun och den Accord zu deem Projet bréngen.

Merci.